N°8074
Entrée le 06.06.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 06.06.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/06/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

D'CNS iwwerhëlt fir Erwuessener all 3 Joer respektiv bei engem Changement vun 0,5 vun der Dioptrie. Bei Kanner ass keen Delai vun 3 Joer virgesinn. De Montant, dee vun der CNS iwwerholl gëtt, gëtt an der Konventioun tëscht der F*édération des patrons opticiens et optométristes du Grand-Duché de Luxembourg* an der CNS festgehalen. Um Site vun der CNS fënnt een eng Konventioun déi op den 01.01.2021 datéiert ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. An der Konventioun heescht et ënnert dem Artikel 8 :

   > *"La mise à jour des prix des listes peut se faire une fois par année. Les adaptations sont soumises à l'Union des caisses de maladie avant le 15 octobre de l'année en cause et, en cas d'approbation, prennent effet le 1er janvier de l'année subséquente."*

   Gouf eng Adaptatioun fir 2022 oder 2023 gemaach?
   - Wa jo, firwat huet dës d'Konventioun vun 2021 nach net um Site vun der CNS ofgeléist?
   - Wa nee, firwat ass keng Upassung gemaach ginn? Ass de Secteur net vun der allgemenger Inflatiounshausse betraff?

2. Wéi hunn sech d'Montanten, déi d'CNS rembourséiert, an deene leschte 5 Joer entwéckelt? Ëm wéi vill Prozent sinn dës all Joers respektiv mat all Upassung vun der Konventioun gehéicht ginn?

3. Wéi vill Prozent vum Präis vun engem Glas sinn duerch de Remboursement vun der CNS gedeckt? Wéi huet sech dëse Montant an deene leschte 5 Joer entwéckelt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten